# Fichier Central – No engem Joer nach ëmmer e Faass ouni Buedem

by Moien Redaktioun on 19/10/2020

Op Facebook deelen | Op Twitter deelen | Newsletter abonnéieren

C3L
CHAOS COMPUTER CLUB
LETZEBUERG

**Fichier Central – No engem Joer nach ëmmer e Faass ouni Buedem**

**De Policedossier wërft och no engem Joer nach ëmmer Froen op. Obwuel op politescher Linn scho villes geschitt ass, gesäit et op Säit vun der Police nach ganz anescht aus.**

Den Dateschutzbeoptraagte vun der Police verweist op eng „net Zoustännegkeet" a Punkto Schengen Informatioun-System, hält sech selwer net un déi festgeluechten Delaien, a verweigert de Renseignement, wien op engem seng Daten zougegraff huet. Do derniewent krute mir besonnesch am Ufank vu verschiddene Leit d'Réckmeldung, datt an der Äntwert, déi se kruten, Feeler waren, wéi zum Beispill. Datumer déi an der Zukunft leien oder Leit déi als Zeie gehéiert goufen, awer als Täter duergestallt ginn.

Och kruten Leit eng Äntwert, wou dra stoung, dass zwar Donnéeë fonnt goufen, déi der Persoun zougeuerdent kéinten ginn, mee si kéinten déi net eraus ginn, well de Gebuertsdatum an der Ufro géif feelen. An dat obwuel een eng Kopie vun der Carte d'identité matgeschéckt huet. Hei stellt sech d'Fro ob Police dës Ufroen iwwerhaapt uerdentlech beaarbecht oder einfach am Chaos ënnergeet. Vläicht ass der Police den Dateschutz och einfach egal oder ze lästeg.

Wéi kann et sinn, datt een mëttlerweil, ee Joer op eng Äntwert waarde muss? Dat ass een net akzeptabele Mëssstand, deen d'Recht op Informatiounsfräiheet ganz einfach ad-absurdum féiert. Dës weideren, refuséiert Police eng Opléschtung ze ginn, wien op engem seng Donnéeën zougegraff huet. Zwar gëtt dat protokolléiert awer et gëtt engem net gesot. Anscheinend kritt een dat just matgedeelt, wann engem duerch en Dateschutzverstouss, e Schued entsteet.

A wéi wann ech gelift, soll de concernéierten Bierger dat erausfannen, wann d'Police sech queesch stellt, an engem net seet wien dann elo Zougrëff hat? Dat kritiséiere mir als Chaos Computer Club Lëtzebuerg staark.

**"Mir sinn der Meenung, dass de Bierger och doriwwer muss informéiert ginn, wéi eng Institutiounen op engem seng Donnéeën zougräift. Mir fuerdere scho säit Joren, ee sougenannten ‚Datenbréif', wou de Bierger automatesch doriwwer informéiert gëtt, wéi eng Donnéeën eng Institutioun oder Entreprise iwwert een huet, firwat déi benotzt ginn a wien dorop zougegraff huet"**, esou de Sam Grüneisen vum Chaos Computer Club Lëtzebuerg

An dësem Kontext, wëlle mir als Chaos Computer Club Lëtzebuerg och nach eng Kéier dorop opmierksam maachen, dass eisen Internetsite fichiercentral.c3l.lu, dee mir zejoert zu dëser Affär publizéiert hunn, nach ëmmer funktionéiert an elo och Donnéeën, déi am Schengen Informatioun-System stinn, mat ugefrot ginn.

***Matgedeelt vum Chaos Computer Club Lëtzebuerg***

**RELATED TOPICS** C3L, Chaos Computer Club Lëtzebuerg, Dateschutzbeoptraagten, Fichier Central, Informatiounsfräiheet, Police, Zentrale Fichier vun der Police

‹ NEXT POST | PREVIOUS POST ›

Tags

Brexit CGDIS Chamber Chamberwahlen 2018 Chantier China Claude Meisch Concert Coronavirus Covid-19 Covid19 CSV Donald Trump Däitschland déi gréng déi lénk Emmanuel Macron Esch-Uelzecht EU EU-Kommissioun Europa Frankräich François Bausch Gesondheet Groussbritannien Iran Jean Asselborn Klimawandel Konscht Kultur LCGB Literatur Lëtzebuerg Musék OGBL Pandemie Police Quiz Regierung Russland Stad Lëtzebuerg Tierkei USA What the Fakt Xavier Bettel

Gefält dir moien.lu?
Abonnéier dech op eisen Newsletter
Deng E-Mail
Elo abonnéieren!

Moien.lu

Kontakt
Annonceur op moien.lu ginn!
moien.lu Newsbot
Impressum
Dateschutz

© 2018 Copyright MOIEN NEWS MEDIA S.A.. All Rights reserved.